20 23

# DE FELIX

# IMPRESSUM


**EDITEUR**
Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

**REDAKTIOUN**
ACEL-Comité

**KOORDINATIOUN**
Ann BERTEMES
Grégory KIEFFER
Laura OÉ

**GRAFIK, LAYOUT**
Alexandre LUONG

**FOTOEN**
ACEL-Comité
Louis EWEN
All Cerclen
Pixabay
ACL

**OPLAG**
200 Exemplairen

**DROCKDATUM**
Dezember 2023

# INHALTSVERZEECHNES


Virwuert ................................................................ 01

Dem Felix säi Rätsel ................................................ 02

Dem Felix säi Gedicht ............................................... 03

ACELs Joer 2023 ...................................................... 05

- » ACELs Joer an Zuelen ........................................ 05
- » ACEL Kalenner 2023 ........................................... 06
- » ACEL Comité 2023 ............................................... 12

Intercerclen 2023 ..................................................... 16

Evenementer 2023 .................................................... 22

- » Student fir 1 Dag 2023 ........................................ 22
- » De Studentebal 2023 ........................................... 25
- » Studentefoire 2023 ............................................. 26
- » REEL 2023 zu Innsbruck ....................................... 28

Notizen .................................................................. 33



# VIRWUERT



**Schéine gudde Mëtteg,**

Wann der dëse Felix an der Hand haalt, dann ass dat, wéi all Joers, nees en Zeechen dat e weidert ACELs Joer op en Enn geet. E Joer voller flotten Intercerclen, Baler, enger REEL an och sou munch ACELs Eventer, wou ee méi oder och manner Erënnerungen dovunner huet. Dës ganz Eventer kënnen awer net ouni iech als Cerclë stattfannen, dofir soen ech iech hei villmools Merci fir ären Engagement an déi ganz Zäit déi der investéiert sou datt mir iech an är schéi Stied besiche kënne kommen oder fir e flotten Owend op ärem Bal kënnen ze hunn!

De Felix, fir déi wou et nach net wëssen, mécht ëmmer e klenge Resumé wat mer als ACEL sou gemaach hunn, dëst awer an enger méi witzeger Aart a Weis wéi an eisen anere Publikatiounen. Ob eis dat gutt gelongen ass, gesitt dir jo selwer op den nächste Säiten;)

Mat dësem Felix heescht et awer och dat meng Zäit an der ACEL eriwwer ass, oder bal, wann dir grad am Hangover op der Wanter AG sëtzt an dat heiten duerchbliedert.

Ech hunn an deenen zwee an hallef Joer an der ACEL ganz vill bäigeléiert, iwwert mech selwer an natierlech och iwwert d'ACEL, d'Cerclen an hier Leit. Ech sinn och immens frou, datt ech esou vill Leit wärend dëser Zäit konnt kenneléieren, ouni déi déi lescht Jore bestëmmt net esou flott gewiescht wieren.

Zur gudder Lescht muss ech awer deenen dräi ACELs Comitéen an deenen ech war en décke Merci ausschwätze mat deenen et ëmmer eng Freed war un de ganzen ACELs Projeten ze schaffen, ganz besonnesch mengem Comité vun dësem Joer. Eisen Ufank war bestëmmt net einfach an awer hu mer e ganz flott an och vollt Joer elo hannert eis, oder bal hannert eis, well den Tournoi de Noël gehéiert iergendwéi jo nach zu dësem ACELs Joer, mee iergendwéi och net.


Fir jiddereen deen et bis heihinner vu mengem leschte Virwuert gepackt huet: Dir sidd extra cool.

An elo: Vill Spaass beim Liese vum Felix!

**Ann Bertemes**
*Presidentin vun der ACEL*

# DEM FELIX SÄI RÄTSEL

1. Wat war de Special Drink vun der ANESEC?
2. Wéi ee Gadget huet et net méi mat op d'REEL gepackt?
3. Wéi ee Studiegang kënnt am ACEL-Comité am heefegste vir?
4. Wéi ee war de gréissten IC 2023?
5. Wat huet den LSC um Oochener Bal verkaf?
6. „Ech ka méi wéi nëmmen ..." stoung um Studentefoire-Gadget vun dësem Joer?
7. Wat hat d'ACEL mat an d'Chamber geholl?
8. Wéi heescht de Cercle deen zu Lëtzebuerg nei gegrënnt gouf?
9. Wéi kuckt de Claude Meisch laut dem Moderator op der REEL net?
10. Wéi ee ACEL-Member huet no der Journée politique op der REEL den Bus an den Hotel verpasst?
11. Wéi een Maskottchen huet nom éischten Dag vun der Studentefoire misse geféscht ginn?
12. A wéi enger Stad um Rhäin war de Sf1D den 1. Abrëll?



ä = ae
ü = ue
ö = oe
ë = ee

Bréng eis den 27. Dezember (bis 12h00) um Tournoi de Noël däi Rätsel laanscht a gewann mat e bësse Chance 1 Meter Béier!

# DEM FELIX SÄI GEDICHT

Zu 14 hu mir d'Joer gestart,
an awer hu mir et (op 16) gepackt.

Sightseeing hu mir an 23 Stied organiséiert,
Den (temporären) Verloscht vun zwee Sf1D-Kanner war net virprogramméiert.
Trotz dem ville Reen hate mir och Sonn,
Déi war awer och net méi laang wéi eng Stonn.

Déi Dëscher waren déck schwéier ze droen,
Deementspriechend waren och ons (Quizowend) Froen.
Zu iwwer 100 hunn se sech schwéier gedoen,
Déi onerwaarte Gëwennerekipp kann elo Karting fuere goen.

Sonn virum Studentebal a vill Reen dono,
Dofir hu mir eis oft anescht ugedo.
Eng plastifizéiert Kaart krute mir wéinst der Musek gewisen,
Gouf dës Persoun dowéinst an d'Chamber verwisen?
E Verloscht vu puer Colafläschen ass notéiert,
Accidenter waren der puer passéiert...
Fir all Comitésmember eng Diskokugel installéiert,
Fir d'Madamm Green war et als groussen Erfolleg virprogramméiert!

REEL an den Alpe vum Tirol,
Awer leider ouni gratis Aperol.
Besser wéi de Rallye am Ree waren d'Visitten,
Wéinst engem Kopplabunz waren d'Wale wuel een Hit.

Studentefoire Donneschdes bis 19h war ee Flopp,
Mee dofir war d'Fondue erëm Top!
Onerwaart hu mir vill Guidë verdeelt,
Genausou huet d'Regierung d'Poste gedeelt.

Um Tournoi de Noël ass de Cider net esou gutt ukomm,
Beim Sport gëtt déck geschloen op Tromm,
National Rekorder goufen opgebaut,
Kritt een de Bréisseler hier Pokaler geklaut?

Mat enger Waasserpistoul hu mir ons an der Chamber presentéiert,
Mam Partymobil goufe mir ze séier op d'KT zu Würzburg geféiert,
Op der Musel hu mir Wäin degustéiert.
Erëm an d'Chamber goufe mir invitéiert,
Leider gouf do erëm kee Béier zerwéiert...
Den 23. Dezember huet eise leschte Comitésdësch markéiert
Wou den een oder aneren iwwert säi Wiichtelkaddo war erféiert
Wéi dir mierkt hu mir eis vill amuséiert!

Erëm ee Joer mat IC'en a Baler méi op der Auer,
Dofir leede mir elo 40 Joer ACEL an.
Leet iech schonn op d'Lauer,
Nächst Joer ass villes dran!

Text: Ann, Kimon


FELIX



The bridge
to your freedom
SPUERKEESS.LU/axxess
axxess
VISA
Debit
5431 3210 1234 5678
VALID THRU 11/23
JIL SCHMIT
Ta carte
Ton compte
Tes avantages
STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans
axxess
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

# ACEL'S JOER 2023

# AM IWWERBLÉCK



# ACEL KALENNER 2023

## DEZEMBER 2022



| | |
|---|---|
| 26 | ACEL Wanter AG |
| 26 | ITV - Luxemburger Wort |
| 26 | ITV - L'essentiel |
| 27 | ITV - radio 100,7 |
| 27 | ACEL Tournoi de Noël (bis den 28. Dezember) |
| 29 | 1. CV |
| 31 | Info CV + Sf1D |

## JANUAR 2023

| | |
|---|---|
| 2 | ITV - Le Quotidien |
| 3 | ITV - Eldoradio |
| 4 | Entrevue - Luxair |
| 9 | CV - Regrupp |
| 11 | CV - Repré |
| 12 | VP Call |
| 12 | NJP - MEN |
| 13 | SI - LCD |
| 16 | NJP - CSL |
| 18 | Entrevue - Spuerkeess |
| 19 | CV - Info |
| 21 | CV- Repré |
| 22 | CV - Regrupp |
| 24 | Entrevue - Info x ALEM |
| 24 | VP Call |
| 26 | NJP - ACEL |
| 27 | SI - Maison d'Orientation |
| 30 | Entrevue - ADRenalin |
| 31 | Entrevue - MESR |



## FEBRUAR 2023

| | |
|---|---|
| 3 | SI - ECG |
| 5 | Entrevue - ACEL x UBC |
| 6 | CV - Info |
| 12 | CV - Regrupp |
| 12 | Entrevue - ACEL x REEL |
| 13 | VP Call |
| 16 | CV - Repré |
| 16 | Entrevue - Déi Gréng |
| 17 | Entrevue - CSL |
| 18 | CV 2 |
| 20 | SI - Geesseknäppchen |
| 21 | Entrevue - DP |
| 25 | SI - LNW |
| 27 | Kommissioun AideFi |
| 27 | Entrevue - Moovijob |
| 28 | SI - Diplom+ |

## OFKIERZUNGEN

| | |
|---|---|
| ABG | Aarbechtsgrupp |
| AG | Assemblée Générale |
| AideFi | Commission des Aides Financières |
| CSEN | Conseil supérieur de l'Éducation nationale |
| CV | Comitésversammlung |
| IC | Intercercle |
| ITV | Interview |
| KT | Klausurtagung |
| PK | Pressekonferenz |
| Sf1D | Student fir 1 Dag |
| SB | Studentebal |
| SI | Studieninfo |
| TdN | Tournoi de Noël |
| VP | Vizepresident:in |

## MÄERZ 2023

1 SI - Diplom+
3 SI - LGK
8 CV - Info
10 SI - ALR
10 SI - LMA
14 SI - Lënster Lycée
14 CV - Regrupp
15 Entrevue - Eldoradio
19 Entrevue - ACEL x REEL
19 VP Call
20 CV - Repré
21 ITV - radio 100,7 (Sf1D)
23 CV - Regrupp
23 ITV - Eldoradio
23 CV - Info
24 SI - LHCE
**25 CV 3 + Teambulding**
(bis 26. Mäerz)
25 SI - LCD

## ABRËLL 2023

**1 Student fir 1 Dag**
(bis 14. Abrëll)
**1 Sf1D - Stroossbuerg, Fribourg**
**3 Sf1D - Bréissel, Saarbrécken, Innsbruck**
**4 Sf1D - Bonn**
**5 Sf1D - Nanzeg, Zürech, Wien**
**6 Sf1D - Freiburg, Uni.lu**
6 Entrevue - Greenevent
7 CV - Repré (Objectif 2028)
**8 ACEL Quizowend**
10 CV - Repré (Objectif 2028)
10 Entrevue - Regrupp x DJ Bisi
**11 Sf1D - Léck, Maastricht, Tréier**
**12 Sf1D - Oochen, Berlin**
**13 Sf1D - Köln, Düsseldorf, Kaiserslautern**
13 Jugendpräis 2023
**14 Sf1D - Karlsruhe, Heidelberg, Amsterdam**
16 ABG - Gadget, Studentefoire, REEL
16 ABG - Transport
17 CV - Repré (Objectif 2028)
17 Entrevue - MESR
18 Entrevue - CSJ
18 Entrevue - ACEL x REEL
18 ABG - PPN
18 VP Call
19 CV - Info
20 SI - Maison de l'Orientation
**20 KT zu Würzburg**
(bis 22. Abrëll)
25 Call - REEL Thema
26 Entrevue - Studente Delegation Uni.lu
26 CV - Info
27 Entrevue - Uni.lu (Sf1D)

## MEE 2023

2 ABG - IC
2 Entrevue - ACEL x REEL
3 Entrevue - MESR
5 SI - LTPES
7 CV - Info
8 CV - Repré (Objectif 2028)
10 Entrevue - IMS Lëtzebuerg
13 CV - Info
15 Kommissioun - AideFi
15 PK - Objectif 2028
17 ITV - Revue
18 Entrevue - ACEL x REEL
26 Entrevue - Munhowen
31 Entrevue - VEW

## JUNI 2023

2 ABG - PPN
2 Entrevue - Mediahuis
2 CV - Repré
5 VP Call
5 Entrevue - Regrupp x Amicale
6 CV - Regrupp
9 Entrevue - Regrupp x VDL
9 CV - Info
10 Balversammlung
11 CV 4
19 Entrevue ACEL x REEL
28 Entrevue - Moovijob
29 Kommissioun - CSEN
30 SI - LML

## JULI 2023

1 VP Call
3 Kommissioun - AideFi
3 Entrevue - De Jugendrot
3 Entrevue - Greenevent
6 Entrevue - Luxair
6 Entrevue - CNEL
8 ACEL Summer AG
9 Teambuilding Wäindegustatioun
10 SI - Campusfest Geesseknäppchen
11 De Studentebal - Op- an ofriichten (bis 16. Juli)
11 Entrevue - MESR
14 ACEL De Studentebal
19 Entrevue - Moovijob
25 Entrevue - Greenpeace
29 Entrevue - Repré x Schwäiz
30 CV - Info

## AUGUST 2023

3 ITV - RTL Lëtzebuerg
30 Entrevue - Hype
31 CV - Info

## SEPTEMBER 2023

4 CV - Regrupp
5 Call - Anniversaire
5 VP Call
9 CV 5
12 Entrevue - ACEL x REEL
20 ACEL Rentrée PK
20 Teambulding Karting
21 REEL Innsbruck
(bis 24. September)
29 Entrevue - MESR

## OKTOBER 2023

1 ABG - Video
3 ABG - PPN
4 CV - Repré
8 CV - Info
13 Entrevue - Fondation IDEA
16 Kommissioun - AideFi
18 REEL Debriefing
19 ABG - PPN
20 CV - Regrupp
22 CV - Info
22 VP Call
23 Entrevue - Mediahuis
23 Call - Büro
26 Studentefoire
(bis 27. Oktober)
27 KT zu Bouneweg
(bis 29. Oktober)

## NOVEMBER 2023

8 Brainstorming Sf1D x fachspezifesch Cerclën
9 Entrevue - ACEL x REEL
13 ABG - IC
15 ABG - PPN
19 CV - Info
20 CV - Repré
20 CV - Info
21 CV - Regrupp
21 VP Call
22 Call - Büro
25 CV 6
30 ABG - PPN

## DEZEMBER 2023

1 Entrevue - Uni.lu (Sf1D)
3 ABG - ESU
7 Entrevue - Mediahuis
7 ABG - Transport
11 Kommissioun - AideFi
12 Call - Regrupp
13 Entrevue - VEW
14 SI - LRSL
17 ABG - Transport
18 VP Call
19 Entrevue - MESR (Debriefing)
22 TdN - Opriichten
23 CV 7 + Chrëschtfeier
26 ACEL Wanter AG
27 ACEL Tournoi de Noël (bis 28. Dezember)



# ACEL COMITÉ 2023



**Ann Bertemes**
*Presidentin*

**Institutrice primaire,**
Léck

Coordination générale, REEL, Greenevent, Depot

Klappt an d'Hänn an d'Informatik leeft
Huet Angscht bei d'Douane ze goen
„Ech sëtzen dofir mierken ech den Alkohol net"
Wann hat sech säi Been just virun der REEL brécht, da brëscht de Charel him säin 2.
Ass e risege Fan vum Schram



**Charel Donven**
*VP Representatioun*

**Informatik,**
München

Koordinatioun vum Pilier, REEL, Stagegesetz

Ass Tasenbeoptragten
„Ech wëll de Regrupp net ofschafen, d'EU wëll et"
Wëll e Budget „FUN" schafen
„Ech si voll, mee ech sinn net domm"
Huet léiwer ee giele Cabrio, wéi eng wäiss Camionnette



**Christine Lenertz**
*VP Informatioun*

**Bauingenieur,**
Zürech

Koordinatioun vum Pilier, Greenevent

Ass an der ASEL
„Mer si komplett bis op déi Leit wou feelen"
Mécht all seng Calls an der Uni am Gank um Buedem
Erstellt lauter conflicted copies an der Cloud



**Kimon Leners**
*VP Regruppement*

**Politikwissenschaften,**
München

Coordinatioun vum Pilier, VDL, Munhowen, Boissons de Contern

Schreift dem Ann seng Virwierder
Huet dem Goldschmidt seng Nummer
Taxi vun de Münchner a vun hiere Kolleegen
Rifft léiwer un wéi eng Email ze schreiwen
Funk Polizist a verkackt selwer





**Gianni Di Paoli**
*Sekretär*

**Physik,**
München

Newsletter, Mailen, Rapporten, Froebou am Kader vun de Walen

Him geet et net gutt, mee et mécht Spaass
„Kann de Charles ophale mat schnaarchen"
„Ech fannen et gutt datt een seng Iddien matbréngt, och wann se schäiss sinn"
Schreift wierklech all Rapport



**Tim Kolber**
*Tresorier*

**Computerlingustik,**
Heidelberg

Budget, Rechnung, Sponsoring

Krut 6 Wochen vu sengem Suggardaddy Dasein geklaut
Partner nennen hien och nach Tim Kolbech
Den „CC" ass säi gréisste Feind



**Felix Schoellen**
*Responsabel Informatik*

**Informatik,**
Zürech

Programméieren, Problemer fixen, Internetsite verbesseren

„Wann ech mir sech sécher sinn, da sinn ech mir sécher"
Eisen LOD & Spellchecker
Bremst Digitaliséierung



**Alex Luong**
*Responsabel Grafik*

**Stadtplanung,**
Kaiserslautern

Grafiken designen, Social Media, Videoe schneiden

Huet seng Waffen ëmmer dobäi #Waasserpistoul
„Ech sinn net gutt a Kaartespiller"



**Sophie Mangen**
*Comitésmember*

**Sonderpädagogik,**
Köln

SI, Student fir 1 Dag 2023, GFE

„D'Cola am Cola-Wäin ass just fir d'Faarf dran"
„All Problem huet seng Léisung"
Et lieft een net fir d'ACEL
Mengt den 23. Dezember ass Hellegowend
„Stell der vir du bass en Kaweechelchen an du hues Höhenangscht."



**Sarah Legrand**
*Comitésmember*

**Sciences politques,**
Léck

Student fir 1 Dag 2023, GFD, Mailen vum Pilier, Greenevent

Mama vun der ACEL
Stellt ëmmer Froen déi de Kimon net versteet
Hält Deadline op d'Minutt an



**Mathis Michels**
*Comitésmember*

**Informatik,**
Oochen

Codex, LASEL, Losch

Mécht gäre Work and Travel op Innsbruck
Hätt bal ugefaange mat fëmme fir De Studentebal
Verwiesselt Wolleken mat Cattenom
Gréisste Fan vum Greenevent




**Laura Matheis**
*Comitésmember*

**Marken- und Kommunikationsdesign,**
München

IC & Baler, Studentebal 2023, Studentesich, Social Media, Student fir 1 Dag 2023

Verschéckt seng Emailen um Flughafen



**Cédric Heintz**
*Comitésmember*

**Raumplanung und Raumordnung,**
Wien

Froebou am Kader vun de Walen, GIS, Summer AG

Huet keen Deutschlandticket an awer 49€ bezuelt
Huet seng Waffen ëmmer dobäi. #Bizeps
„Leit déi ee mat Bréll kenneléiert gesinn ouni aus wéi e Schleek ouni Haus"



**Laurent Schengen**
*Comitésmember*

**Geschichte und Geographie auf Lehramt,**
Köln

ESU-Application, Rundfunkbeitrag, Greenevent

Studéiert an enger Stad mat ganz vill Charme
Ka säin Aarm mega schnell dréinen (an et stëmmt)
„Et gëtt kee Kontext, all Mënsch ass voll"
Fënnt um Architekturstil eraus ëm wéi ee Gebai et sech handelt



**Grégory Kieffer**
*Coopté*

**Volkswirtschaftslehre,**
Freiburg

Tournoi de Noël, LASEL, Studentebal 2023 & 2024

Ass réischt no 5 Méint an der Snapchatgrupp gelant



**Laura Oé**
*Cooptée*

**Agrarwissenschaften,**
Bonn

Student fir 1 Dag 2024, Zoom, Studentefoire

Mécht all seng Calls am Bus/Zuch well d'Deutsche Bahn ëmmer ze spéit ass



# INTERCERCLEN 2023

## 02 FEBRUAR

- **19** Maastrichter Fuesboken *(LSMaas)*
- **24-26** Skiweekend *(Friblëtz)*

## 03 MÄERZ

- **10-12** Lëstlé goes Chapi & Visite de Brasserie *(Lëstlé)*
- **18** Swisscup *(Friblëtz)*
- **25** Route du Vin *(ALUS)*

## 04 ABRËLL

- **07** Fräibéier *(ANEIL)*
- **08** Quizowend *(ACEL)*
- **09** Münchner Bal *(LSM)*
- **14** Hüttenzauber *(LSW/LSI)*

## 05 MEE

- **06-07** Bonn in Flammen *(Alesontia)*
- **12-14** Lët'z Go Wü *(LSWü)*
- **14-14** Bluttspend-Marathon (bis 14.06) *(ALEM)*
- **26-28** Saufest *(LSWü)*

## 06 JUNI

- **03** Spikeball *(SLUF)*
- **08-09** Beachvolleyballtournoi *(LSK)*
- **16** De Feierwon *(LSH)*
- **30-02** Vélosheemrees (bis 02.07) *(AELK)*

## 07 JULI

- **01** Summercup *(ALUS)*
- **14** De Studentebal *(ACEL)*

## 08 AUGUST

- **26** Lët'z FR/AT *(ALUS/LSW/LSI)*

## 09 SEPTEMBER

- **21-24** REEL'23 zu Innsbruck *(REEL)*
- **28-30** Oktoberfest *(LSM)*

## 10 OKTOBER

- **06** Fëschs de Bal? *(LSK)*
- **27** Oochener Bal *(AVL)*
- **28** Badener Bal *(LSH/AELK)*



Een Intercercle ass een Zesummekomme vu Studenten:innen an enger Studiestad oder zu Lëtzebuerg. Dobäi organiséiert de Cercle Organisateur een Iessen, ee Rallye oder e Sportturnéier wou et och ëmmer genuch ze drénke gëtt, sou datt kee muss duuschtreg heem goen.

Ob zu Kaiserslautern d'Ekippen dorëms kämpfe wien dee beschten am Volleyball ass oder wien zu Karlsruhe am beschten um Cafésrallye ofschneit, genuch Spaass ass ëmmer dabäi. Ee Stroossbuerger Beerpongturnéier zu Lëtzebuerg, e Rallye duerch Zürech, d'Saufest un der Donau oder de King's Day an Holland sinn nëmmen e puer vun de villen Intercerclen un deenen een als Student:in kann deelhuelen. Dëst Joer hu 27 Intercerclë stattfonnt, zwee a Frankräich, zwielef an Däitschland, véier an der Schwäiz, een an Éisträich, een an Holland an zwee an der Belsch an dräi zu Lëtzebuerg. Hei hunn am ganzen 2359 Student:innen drun deelgeholl a konnten sou nei Kolleege kenne léieren an eng gutt Zäit zesumme verbrengen.

Ob Ersti oder Masterstudent:in, Student:in a Frankräich, Däitschland oder der Schwäiz, um Intercercle kënnt jiddereen zesumme fir sech ze amuséieren, nei Frëndschaften ze schléissen an zesummen een ze drénken.

## 11 NOVEMBER

- **03-05** Caférallye *(AVL)*
- **10-12** Kölle Alaaf *(LSC)*
- **16** Tarte Flambée *(ALUS)*
- **17-19** Clear the Bottles *(LSZ)*
- **24-26** Pubquiz Beerpong *(Friblëtz)*
- **30** Badische Meile *(AELK)*

## 12 DEZEMBER

- **21** Freiburger Bal *(SLUF)*
- **22** Kölner Bal *(LSC)*
- **25** Zürcher Bal *(LSZ)*
- **27-28** Tournoi de Noël *(ACEL)*
- **28** Bréisseler Bal *(CELB)*

**Düsselympics zu Düsseldorf (LSD)**

Fir den theoretesch 10. Gebuertsdag vum dem LSD ze feieren, gouf den éischten Intercercle an der Geschicht vun eisem Veräin zu Düsseldorf organiséiert. D'Konzept vum Intercercle war eng Olympiade mat Drénkspiller zu Düsseldorf, sou ass och den Numm Düsselympics zustane komm.

Freides den 28. Abrëll konnten déi éischt Gäscht ureesen. Nodeem si sech bei hiren Hosts installéiert haten, hu mer eis alleguer um 19:30 am Haus Massenberg getraff fir do eppes z'iessen an ze drénken.

Hei hat all Participant (souwuel aus dem Comité ewéi d'Gäscht) am Viraus 20 Euro iwwerwisen, fir déi si e Plat an 2 Gedrénks raussiche konnten. Dono ass et da weider an d'Altstadt gaangen, wou Verschiddener nach een Ofstiecher op d'Semesterparty vun der HHU an der HSD gemaach hunn an déi Aner sech déi berüümt „längste Theke der Welt" an der Bolkerstraße méi genau ugekuckt hunn.

Als Ofschloss fir de Freiden si mer all am JULIO, dem LSD säi Stammcafé, zesumme komm fir nach den Een oder den aneren Alt ze sippen.

No der mentaler a physescher Preparatioun Freides ass et Samschdes den 29. Abrëll um 14 Auer mat den Düsselympics lass gaangen. D'Startgeld, wou vill Béier mat agerechent ass, louch hei bei erschwéngleche 5 Euro pro Persoun. Am Ganze waren 10 Teams bestoend aus jeeweils 2 SpillerInnen um Start an hunn 8 verschidde Cercle vertrueden. All 2er-Team ass an 10 verschidde Spiller géint een anert 2er-Team ugetrueden. Bei all Spill konnte Punkten gesammelt ginn an déi Equippe mat de meeschte Punkten huet um Enn d' Düsselympics'23 gewonnen. Vun 14 bis 15:45 Auer goufen Ex-Quiz, Beerpong, Tampon Run, Flip Cup a Sauf-Memory gespillt. No dëse 5 Spiller hu mir eng Paus gemaach. Vun 16:15 bis 18 Auer stoungen du Flunkyball, Tuermbau, Twerk-Pong, Tabu an Tasting-Quiz um Programm. Leider hat et um Enn vun de Spiller ugefaange mat reenen, allerdéngs hat dat keen Impakt op déi motivéiert AthletInnen. D'Team Gilette huet schlussendlech d'Coupe vun den éischten Düsselympics mat Heem geholl. Och déi 2., Gaslight, an déi 3., Paw Patrol, Placéiert kruten e klenge Präis iwwerreecht.

No de Spiller war vun 18:30 bis 19 Auer Fräizäit, sou dass jidderee senge perséinleche Besoinen nogoe konnt. Jiddereen, also och déi Leit, déi just fir Samschdes ugereest waren, konnt sech bei engem Member vum LSD an der Wunneng frësch maachen, dréchnen, opwiermen an e bëssen erhuelen. Ganz Grousse Merci un d' Gina an de Jules.

Um 21 Auer hu mer eis da rëm all am JULIO getraff an hunn do uerdentlech de sympathesche Betrib mat eisem Duuscht ënnerstëtzt. Den LSD-Comité huet déi ganz Rechnung op sech geholl, wéi sech dat fir ee seriöen Host gehéiert.

Als Ofschloss vun den Düsselympics sinn déi, déi nach oder rëm fit waren, Sonndes den 30. Abrëll um 12 Auer an de Rosie's brunche gaangen, sou dass jidderee rëm gestäerkt d'Heemrees untriede konnt

**Clear the Bottles zu Zürech (LSZ)**

Eise Weekend huet Freides Owes mat dem traditionelle Fonduesiessen ugefaangen am Gemeinschaftszentrum zu Affoltern ugefaangen. Mir hate ronn 180 Leit um Owend selwer déi Brout mat guddem Schwäizer Kéis genéisse konnten. Fir Wäin a Béier war natierlech och gesuergt an Traditiounen wéi “Président, montre-nous tes couilles” goufen agehalen. Nom Iesse war den Owend awer nach laang net eriwwer a wärend déi eng d’Nuetsliewe vun Zürech erliewe waren, hunn anerer e puer Wunnenge vun LSZ’ler onsécher gemaach.

Samschdes Mëttes um 13:20 huet dann eise Rallye duerch Zürech ugefaangen. Mir haten dëst Joer 12 Gruppe vun 9-11 Leit déi op 3 verschiddene Startpunkten ugefaangen hunn. Op hirem Tour missten d’Ekippen dunn nieft verschiddenen flotte Challengen op hirem Wee och 6 Statioune besichen do Punkte sammelen andeems se flott a witzeg Spiller gemaach hunn. Fir dass keen ënnerwee duuschtreg gouf, krut all Grupp och eng Palette Béier an eng Fläsch Berliner Luft mat op den Wee. Um 19 Auer war de Rallye dunn och fir déi lescht Grupp op en Enn gaangen an d’Leit konnten Heem an sech preparéiere fir den Owend virun hinnen.

Um 21:00 huet dunn nämlech eis traditionell LSZ Party de “Clear The Bottles” an der Wunderbox an der Langstrasse stattfonnt. Et gouf eng Open Bar mat ganz vill Alkohol a Softs, wou jiddereen sech no Häerzensloscht selwer zerwéiere konnt. Fir d’Musek huet den Till Winzen gesuergt, deen eis de ganzen Owend mat flotter Musek gutt Stëmmung gemaach huet. Et gouf gedanzt bis eis d’Féiss wéigedoen hunn a kee méi riicht stoe konnt. Bei gudder Stëmmung hunn insgesamt 250 Léit, dovunner ongeféier 110 LSZ’ler an 140 Frënn aus iwwer 20 verschiddenen Cerclen, bis um 4 Auer Moies gefeiert. D’Leit waren all super motivéiert an um Schluss vum Owend waren d’Fläschen dunn och eidel.

Leider misste mir eng Vermëssten-Annonce ausstellen. Nämlech déi wichtegste Persoun am LSZ, eise gudden Heng, ass leider gekidnappt ginn an op Fribourg verschwonnen.
Mir soe jidderengem deen un eisem Intercercle deelgeholl huet Merci a freeën eis op d’nächst Joer



**De Feierwon zu Heidelberg (LSH)**

De 16. a 17. Juni huet zu Heidelberg déi 2. Editioun vum Intercercle „De Feierwon", organiséiert vun den Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg (LSH) stattfonnt.
Ugefaangen huet dat Ganzt Freides de 16. Juni géint 16h00, wou insgesamt 55 Leit (50 Participanten, 5 Comitésmemberen) fir 2 Stonne mat der „Sixty", enger Stroossebunn aus de 60er Jore mat enger Bar u Bord, duerch an ronderëm Heidelberg gefuer sinn, bei gudder Musek a kalem Gedrénks. An der Hallschent gouf natierlech och eng Toiletten-Paus gemaach fir rëm Plaz fir den nächsten Aperol oder Béier ze hunn.

Géint 18h00 si mir dann erausgelooss ginn an hunn eis ze Fouss a Richtung Neckarwiese gemaach, wou och den Treffpunkt fir déi Leit war, déi keng Plaz méi an der Bunn kruten oder net éischter konnten do sinn. No e puer kuerze Wëllkommens-Wieder vun eisem President
ass et dann op der Neckwarwiese viru gaange mat engem Flunkyball-Turnéier. Hei sinn an der Gruppephas 10 Ekippen (vun eis erstallt) à 6-7 Leit an 4 Matcher géinteneen ugetrueden. No dëse Matcher (mat klenge Pausen dertëscht) goufen nach 2 Halleffinallen an 1 Final gespillt. Nieft dem gekillte Béier fir den Flunkyball an natierlech och genuch Waasser, goufen d'Leit awer och mat genuch Stécker Pizza gestäerkt déi mir zesummen op der Neckarwiss giess hunn.

Géint 21h45 hu mir eis dunn op de Wee an de Club „Halle 02" gemaach. Ufanks war geplangt dass mir op d'Handschuhsheimer Kerwe (e Stroossefest, vergläichbar mat Al Dikrech) ginn. Well awer puer Woche virum Intercercle onerwaart annoncéiert gouf, dass déi dëst Joer eréischt Samschdes an net Freides ufänkt, hu mir no Alternative gesicht an sinn du schlussendlech op d' „Halle 02" komm, wou deen Owend eng 90er Party stattfonnt huet. Bis kuerz no 04h00 hu mir dann an der „Halle 02" den Owend nach all zesumme genoss.

Den Dag drop, Samschdes de 17. Juni ware mir dann nach um 10h30 an den „Urban Kitchen" Brunchen. No engem Schlusswuert vun eisem midde President goung et du fir all Mënsch rëm Heem.



**Lëstlé goes Chapi zu Léck (Lëstlé)**

D'Lëstlé huet dëst Joer all d'Cerclen op hiren Intercercle an déi schéi Cité Ardente invitéiert. Vum 10.-12. Mäerz huet d'Participanten ee gutt gefëllte Programm erwaart. Duerch den dach relativ spontanen Nationalstreik vu Bus a Bunn an der Belsch hu mer eise Programm Last Minute missen ëmgestallten.

Esou ass et Freides am Restaurant L'Industrie an der Rue Saint Gilles lassgaangen. Nieft traditionellem Lécker Kascht, lecker Lécker Boulets, an enger Ronn Dësch an d'Luucht, huet et déi ronn 40 Participant'en an eise Stammcafé, den Take Off, gezunn. Do ukomm, gouf et gudde kale belsche Béier vum Faass. Déi léif Lécker Anciens konnte sech et natierlech och net entgoe loossen jiddereen zum Béierdeckelwäitworf ze animéieren.

Et gëtt souguer gemunkelt, dass en neie Rekord opgestallt gouf. Zudeem hunn eis allerléifsten Anciens ee Faass zum beschte ginn. Bis an déi frei Moiesstonne gouf gefeiert a jiddereen ass op seng Käschte komm. Verschiddener hunn et souguer nach kuerz bis an de Carré gepackt a bis Sonnenopgang do zu Schluss gefeiert. No enger méi oder manner laanger Nuecht, ass et Samschdes Mëttes um 15h mat enger Visitt an der Lécker Brauerei Grand Poste weidergaangen. No der Virstellung vun der Brauerei, stoungen zwee Fässer prett fir zesummen degustéiert ze ginn. Mat enger Pils an enger Fruitée war fir all Goût dat passend dobäi. No dëser flotter Aktivitéit huet jiddereen sech chapiprett gemaach: Mat Gummisstiwwelen a Bullibox, Toge a Penne am Grapp, hu mir eis erëm RDV am Take Off ginn, fir zesummen d'Navett op de Chapi ze huelen. Um Chapi ukomm huet jidderee sech gutt ameséiert! Déi wéinegst hunn et no Schluss um 2h nach an de Carré gepackt, mee jiddereen ass, op mannst Sonndes, a sengem eegene Bett erwächt. No engem erhuelsame Schlof hunn d'Participanten sech Sonndes, ob mam Auto, Bus oder Zuch, all op de Wee heem gemaach, wou och jidderee sécher ukomm ass.

Ofschléissend kënne mer behaapten, dass mer ee geniale Weekend mat eise Frënn aus den anere Studentestied verbruecht hunn. Mir soen hinnen ee grousse Merci an hoffe si nächst Joer erëm op eisem 'IC Léck - Chapi a Visitt Brauerei', begréissen ze kënnen.



# STUDENT FIR 1 DAG 2023

De Student fir 1 Dag 2023, 517 (minus 2) Participanten méi spéit...

Komm mir fänke mol vu vir un. Nodeems d'lescht Joer en Erfolleg war mam Retour vum Student fir 1 Dag a Präsens wollte mir eis Offer vun der Urees mam Bus erweideren. Dofir si mir op dräi weider Stied higereest mam Bus. Zürech, Amsterdam a Düsseldorf konnte Moies plus minus fréi mat engem schéinen Emile Weber Bus begréisst gi.
Ugesi vun der Zuel vun de Schüler an de Busser fir dës dräi Destinatioun, kënne mir soen, datt et sech em e wierklechen Erfolleg handelt. Dës Erfarung wäerte mir och fir d'kommend Joer nees opgräifen, wann déi interesséiert d'Cercle, selbstverständlech, weiderhin interesséiert sinn.

D'Joer 2023 war och gepräägt vun enger fortgefouerter an erfollegräicher Zesummenaarbecht mat der Luxair. Et muss een zouginn, datt dës Destinatioun e richtegen Erfolleg haten, esou datt een sech am beschten direkt an deenen éischten Deeg hätt sollten umellen, fir sech eng Plaz an deene berüümte Fligeren ze sécheren. D'Waardeläscht war munchmol méi laang wéi d'Unzuel u Plaze selwer. Hei war d'Luxair zum Gléck ëmmer ganz flexibel!

Dank engem super Informatiounspilier, deen een sech besser net virstelle konnt, no ville Stonne voller Diskussioun an Organisatioun konnte mir Mëtt Februar d'Umeldunge fir Schüler:innen opmaachen. Um Programm stounge Busreesen, Fligerreesen a Reese wou den Transport huet missten eegestänneg organiséiert ginn.

Wien elo mengt, mat dem Start vun den Umeldunge wier d'Aarbecht gemaach an et kéint een sech bis d'Event ufänkt eng Paus gënnen, musse mir leider enttäuschen. Nieft deene villen a gescheit Froe vun de Schüler ze beäntwerten huet een och missten déi ganz Umeldung an Ofmeldunge geréieren. Dëst huet, et muss een et zouginn, dem Informatiounspilier vill Zäit an Nerve kascht. Eisen Informatiker an Tresorier haten och doduerch puer kuerz Nuechten. Duerch d'Imaginatioun vun de Schüler fir Froen ze stellen, déi eng méi onerwaart wéi déi aner ass et eis ni langweileg ginn.



An da war et endlech esou wäit.... Déi éischt Umeldunge sinn zou gaangen an de Student fir 1 Dag konnt endlech lass goen! Heiansdo bëssi ze fréi Moies hu mir eis zesumme mat de Schüler:innen zu Ettelbréck, um Bouillon oder um Findel getraff an hunn eis op de Wee gemaach fir an déi jeeweileg Stied, wou mir schonns voller Sehnsucht erwaart gi sinn.

Obwuel d'Wieder net iwwerall matgespillt huet, hu Schüler:innen sech net ënner kréie gelooss an sou d'Unien a Stad entdeckt. No ville Visitten a Gespréicher, nei geknäppte Kontakter souwéi och engem gudde Mëttegiessen ass et um Enn vum Dag nees Richtung Lëtzebuerg gaangen. Zwar net fir jiddereen deen zu Berlin mat war...



Dëst Joer konnte sech Schüler:innen tëschent folgende Stied entscheeden:

**1. Abrëll:** Stroossbuerg & Fribourg (CH)
**3. Abrëll:** Bréissel, Saarbrécken & Innsbruck
**4. Abrëll:** Bonn
**5. Abrëll:** Nanzeg, Zürech & Wien
**6. Abrëll:** Freiburg & Belval
**11. Abrëll:** Léck, Maastricht & Tréier
**12. Abrëll:** Oochen & Berlin
**13. Abrëll:** Köln, Kaiserslautern & Düsseldorf
**14. Abrëll:** Karlsruhe, Heidelberg, Amsterdam & München

Innerhalb vun nëmmen 9 Deeg konnte mir iwwer 517 Schüler:innen een Abléck an 23 Stied a 7 verschiddene Länner verschafe wat fir eis en absolutten Erfolleg ass!

Op dësem Wee soe mir Voyages Emiler Weber, der Luxair an all eise Partner wéi och eise Cerclen nach eng Kéier villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung bei dësem Event.

Mir freeën eis elo schonn op d'Editioun 2024!

Wann s du méi Detailer iwwert den Oflaf vum Student fir 1 Dag wëlls wëssen, besich eisen Internet-Site acel.lu/sf1d



# DE STUDENTEBAL 2023

De Studentebal 2023 war erëm e vollen Erfolleg...

Ab Januar ass et mat deenen éischte Virbereedunge lass gaangen a vu Mount zu Mount ass et exponentiell méi intensiv ginn. Déi ganz Woch vum Studentebal war de Comité um Site an huet déi éischt Saache virbereet an dat éischt Material an Empfang geholl. Den 13. an de 14. Juli konnte mer och dëst Joer erëm duerch d Ënnerstëtzung vun de Cercle de Site bannent 2 Deeg opbauen an an engem Dag erëm ofbauen.

Freides de 14. Juli war et dann esou wäit, déi 22. Editioun ass pünktlech um 20:00 gestart. Nieft Béier a Cola-Wäin hunn 32 Studentecerclë verdeelt op 11 Comptoiren iech mat 31 verschiddene Cocktails, Drinks a Shots verwinnt. Fir den Honger virum oder nom Feiere war natierlech och dëst Joer nees duerch ee Cercle gesuergt. Fir déi gutt Stëmmung hunn ab 20 Auer den DJ Fleex&Deys an ab 23 Auer den DJ Bisi gesuergt.

Mir soen all de Cerclen, der AACEL, eise Partner an all den anere Leit déi ons gehollef hunn, fir dësen onvergiesslече Studentebal, ee grousse Merci. Mat vill Freed bereede mir och schonn déi 23. Editioun vum Studentebal vir, wou mir iech hoffentlech all erëm gesinn!

DE STUDENTE BAL '23



# STUDENTEFOIRE 2023

Fir drëtt schonns huet d'Studentefoire dëst Joer um Campus vun der Uni.lu stattfonnt .

No enger Phase de découverte, an där d'Schüler:inne sech online zu iwwer 200 Universitéiten, Cerclen an och Institutiounen informéiere konnten ass et de 26. an de 27. Oktober um Belval rëm lass gaangen.

Moies fréi em hallwer 8 waren déi éischt Leit aus dem ACELs Comité schonn um Belval fir d'Cerclen ze accueilléieren. E klenge Kaffiseck mat Mëtsche gouf dëst Joer vum MESR zur Verfügung gestallt.

No an no sinn och d'Cerclë komm fir hire Stand schéin ze dekoréieren. Nodeems sech da jiddereen eng Mëtsch an eppes ze drénke geholl hat sinn dann och schonn déi éischt Busser ukomm.

Bëssi iwwerrumpelt vun deene ville Schüler:innen si mer guer net hannendru komm fir jidderengem en Guide du Futur Etudiant mat ze ginn an de Schüler:innen z'erkläre wat d'ACEL ass a wou si déi eenzel Cerclë fannen.

Donieft konnte mer ganz gutt als Guide hëllefen, an d'Schüler:innen op déi digital Map verweise mat där si sech um Campus konnten zu Recht fannen. Mir konnten si och bei déi richteg Institutiounen, Uni'en a weider Ulafstelle schécken, déi dëst Joer rëm dobäi waren an och méi zuelräich waren.

No engem flotten 1. Dag ass et Owes nach op de Patt vum MESR gaange mat e puer motivéierten Aussteller. Leider si mir do gewuer gi, dass d'Heidi iwwert déi grouss Trennwänn geklomme war a lo misst befreit ginn. De Ministère hat awer dofir direkt eng Léisung wéi mir et den Dag drop kéinte rëm do raus huelen.



STUDENT WOU WAT

STUDENTEFOIRE

Foire de l'Étudiant ◆ Student Fair ◆ Studierendenmesse




Freides si mir da rëm ganz motivéiert an den zweete Foiresdag gestart (mam Heidi). Den Dag iwwer sinn dann nach eng Kéier interesséiert Schüler:innen ukomm, deene mir weiderhin eis berüchtegt Studentebibel ugedréint hunn. Nieft deenen, hu mir och eis nei Eco Cups sou wéi aner ACEL Gadgets verdeelt. Deen se fläisseg sammelt, wäert scho gemierkt hunn, dass e gläich seng ganz Studentebud mat ACEL Merchandise ariichte kéint.

Am grousse ganze war d'Foire e vollen Erfolleg. D'Schüler:inne ware ganz zefridden, mir ware frou iech als Cerclen esou zuelräich gesinn ze hunn an dat d'Foire lues a lues nees un eng al Foire de l'Étudiant an de Foireshalen eru kënnt.



# REEL 2023 ZU INNSBRUCK

Ugefaangen huet d'REEL 2023 mat engem kale Mëttwochowend um Bouillon. Do huet ee scho vill bekannt Gesichter gesinn an et krut een e gudden Androck mat wiem een déi nächst Deeg verbrénge wäert. Hei si mir voller Motivatioun an déi zwee Busser erageklommen a mat richteg gudder Stëmmung hu mir eis op de Wee Richtung Alpe gemaach.

Motivéiert mat eiser Laun hunn d'Buschauffere mat gefillten 200km/h och du ganz séier d'Bierger bezwongen. Et hätt sech bal wéi op der Achterbunn ugefillt, wären d'Fotoen nëmme sou deier wéi op der Fouer. Deementspriechend fréi si mir och schonn zu Innsbruck ukomm fir endlech kënne mat der grousser Aktivitéit unzefänken op déi mir eis Méint gefreet hunn. Mat engem Béier an der Hand um Busparking stoen an ze waarde bis dass et lass geet.

Nodeems mir déi zwou Stonnen iwwerstanen haten, ware mir dunn endlech prett fir mam offizielle REELsprogramm unzefänken a mir hunn eis op déi lescht Meter Richtung ACEL Workshops gemaach. A wéi een een do gaangen ass, war deene meeschte REELaner egal, d'Haaptzil war et esou vill wéi méiglech Béier an den Täschen eran ze schmuggelen.

An deem enge Workshop ass et drëms gaange wéi een a sengem Comité am beschten drénke kann, am zweete wéi ee mat anere Cerclen op Intercerclen am beschten drénke kann an am drëtten huet een de Grond gesi firwat jiddereen drénke wëll. Alles an allem erfollegräich Workshops. No ënnerschiddlechen Interpretatioune wat Hallwer bedeit, hunn d'Workshops dunn eng Stonn ze fréi opgehalen. Am Endeffekt huet dat bedeit, dass déi eng an der Sonn schonn e Béier gedronk hunn, et goufen awer puer Leit, déi nach eng Kéier ganz interesséiert an hirem Workshop weider geschafft hunn.

Fir eis no dësen Ustrengungen ze belounen, si mir duerno bei de Glorious Bastards gelant, wou mir mat Pizza gestäerkt goufen. Mat eisem Wegbier ausgerëscht hu mir eis dunn och op de Wee fir an den Hotel gemaach, wou mir net vill Zäit haten, bis dass deen nächste Wegbier eis Richtung Partner begleet huet.



No de grousse Partnervirträg mat all de REELaner si mir dunn an zwou Gruppen agedeelt ginn, Moneymakers an ANEIL Memberen. Hei huet de Comité och nees säi Bescht ginn fir den Duuscht vun de REELaner ze stëllen, dës Kéier awer mat Waasser, wat vill REELaner awer dankbar ugeholl hunn. No de Presentatiounen hunn d'REELaner d'Geleegenheet genotzt fir an de Kontakt mat den Entreprisen ze kommen a fir no Stagen oder Aarbechtsplazen ze froen. Oder Bicker, wann se dann awer Joffer studéieren.

Am Hannergrond huet et awer schonn ugefaange gutt ze richen an deen een oder aneren huet et sech net entgoe gelooss fir iwwert d'Schëller ze kucken, wéini de Buffet endlech géif opgoen. Wärend de Leit hirer Liblingsbeschäftegung, dem Waarden, gouf sech vun der gudder Qualitéit vun de Miseler Drauwen iwwerzeegt. Beonrouegt hunn d'REELaner op d'Auer gekuckt fir ze wëssen, wéini et weider an de Club geet, well d'Frigoen mat all Sekonn dramatesch méi eidel gi sinn.

Zu Fouss ass et dunn duerch déi hallef Stad gaangen, wat erstaunlech séier gaangen ass, bis mir dunn am Jimmy's gelant sinn. Opgeluecht huet ee bekannt Gesiicht, de YDS, am Dag Comitésmember an Owes DJ. Dräi fir 15€ Aktioun huet hei vill vun eis duerch den Owend bruecht a fir deen een oder anere Filmrëss gesuergt. Mat engem kuerzen Owend konnt kee rechnen, well d'Busser si réicht um 3 Auer gefuer.

4 Auer am Hotel, 8 Auer erëm op, mee de REELaner war rëm top drop. Déi eng hunn eng Dafalgan gebraucht, déi aner e Konterbéier, mee Haaptsaach d'Wierkung koum séier.

Elo war et Zäit Innsbruck vu senger schéiner Säit ze gesinn. De Problem war just d'Wieder wollt net matspillen. Dofir huet an de Buschauffer deen een oder aneren Tour duerch d'Stad gedréit, fir dass een och all Eck 7 mol gesinn huet. Schlussendlech ass awer jiddereen op senger Visitt ukomm.

Wärend dunn déi eng de Bierg erop gekraxelt sinn fir d'Déieren ze gesinn, sinn déi aner ënnert d'Äerd geklommen fir no Sëlwer ze sichen. Déi eng si kucke gaange wat een Architekt alles kann, déi aner wat een alles mat Kristallsténg alles bastele kann an déi lescht konnten d'Konscht vun engem Braumeeschter genéissen. Wie mengs du hat méi Spaass?

Sou oder sou ass jiddereen op seng Käschte komm a mir hunn all eng Stäerkung gebraucht. Dës Kéier hu mir déi kulinaresch Säit vun Éisträich gewise kritt. Vu Wiener Schnitzel bis Käsespätzle konnt jiddereen sech vun der éisträichescher Kichen iwwerzeege loossen. Dat grousst Waarden huet sech hei mat engem gudde Béier einfach iwwerbrécke gelooss.

Um Depart vum Rallye ukomm hunn d'REELaner sech mol an hire Grupp zesumme fonnt an hu sech, wéi um éischte Schouldag, bei hire Komerode virgestallt. Well mir eis all richteg gutt zu Innsbruck auskennen huet ee vum Comité sech geopfert fir mat all Ekipp de Rallye ze bestreiden.

Ekipéiert mat eise Challengen um Wee, hu mir eis an de Ree gewot. Wat d'Aufgaben um Ziedel manner goufen, wat mir méi naass gi sinn, well de Reen huet eis de ganze Wee iwwer begleet. Dovunner hu mir eis net erofzéie gelooss well schliisslech wollt jiddereen op seng Käschte kommen, sief et de ville Béier um Stand oder de Shot mam Friemen am Café. Op der Statioun ukomm war dat besonnescht, dass mir hei net géint eis selwer ugetruede sinn, mee eis ëmmer hu misse géint eng aner Ekipp beweisen, wann déi et dann zu Zäit op d'Statioun gepackt huet. Mee och trotz dem Reen hu mir hei konnten den Zentrum vun Innsbruck entdecken. Wien de Rallye am Fong gewonnen huet wësse mir bis haut nach net, d'Legend seet dass de Schintgen nach ëmmer um rechnen ass. Mir hoffen awer dass hien et bis op der AG geléist huet.

Am FloJos hu mir dunn a gudder Stëmmung eis Reserven erëm opgefëllt, well den Owend war hei nach laang net eriwwer a mir sinn dunn nach weider an d'Mausefalle gezunn. Mir hunn all gutt gestaunt wéi op eemol den éisträicheschen DJ eis mat zwou Bulle Mokka begréisst huet. Spéitstens du ware mir net méi ze halen an et gouf esouguer eng Polonaise déi de ganze Club ëmfaasst huet. Déi wéineg net-REELaner am Club hu sech gewonnert wou si hei gelant wieren. Net jidderee war frou doriwwer, dass mir eis do sou breet gemaach hunn, mee och déi Situatioun gouf awer séier calméiert.

Deen Owend hate mir och de Choix, ob een um 0 Auer schlofe geet oder nach méi laang am Club bleift. Villäicht huet awer och deen een oder aneren den Dag drop seng Entscheedung bereit, wéi e mat engem décke Kapp beim Kaffi souz.

Laang hat een net Zäit, fir sech den Owend duerch de Kapp goen ze loossen, well um Samschdes huet et geheescht fit ze sinn a sech vu senger beschter Säit ze weisen. D'Journée Politique stoung do um Programm an dofir huet sech jiddereen a säi Kostüm oder Rack geschmass fir och dem Kader entspriechend auszegesinn. Hei konnt awer keen domat rechnen, dass ee fir iwwerhaapt bis bei d'Villa Blanka ze kommen e Bierg besteige misst.

Méi oder manner monter si mir awer all uewen ukomm a ware prett fir eisen Invitéë vum Moie gespaant nozelauschteren, well d'Thema vum Dag war "Transnational Kooperatioun" oder "Interoperabilitéit an europaiwwergräifent Kompatibilitéit", ganz genau weess dat bis haut nach Kee sou richteg. Och den Honorarkonsul hat seng Schwieregkeete mat dësem Titel. Nodeems hien direkt am Ufank mat dësem Zongebriecher ze kämpfen hat, huet hien dat Thema si gelooss an huet sech léiwer mat Philosophie beschäftegt.

Den zweete Riedner am Moie war de Marc Angel, Vizepresident vum Europäesche Parlament, an hätte mir besser opgepasst, kéinte mir elo och nach all seng aner Chargen an Titelen opzielen. Op alle Fall war et him wichteg ze betounen, dass staark europäesch Institutiounen zum Virdeel vun eis all sinn an dass d'EU nei staark Impulser brauch. Duerno huet hie sech awer och de Froe vun de REELaner gestallt, déi hie mat Froe gelächert hunn.

Um Programm stoung duerno een Éierewäin, och wann et warscheinlech deen éischten Éierewäin an der Geschicht war, wou all Mensch misst sëtzen. Mat dësem Gléck souz awer dunn och all Mënsch wéi mir mam Iesse wollten ufänken. Ironescherweis huet een awer dofir erëm missen opstoen a sech selwer zerwéieren.
Eppes wat op kenger REEL feelen dierf ass d'Gruppefoto. Dëst Joer war des awer guer net esou evident an zum Schluss huet d'Martine Hansen esouguer ënnert Asaz vun hirem Liewen dofir gesuergt eng Foto ze maachen op där de Carlo och mat drop ass.

No dëser abenteuerlecher Aventure an och nodeem all d'Invitéen, wou d'Transportmëttel net gestreikt huet, ukomm sinn, konnte mir du mat der Table Ronde ufänken. Iwwerraschenderweis waren d'Invitéen sech an dëser relativ séier eens, sou dass si léiwer iwwert eng Lëscht diskutéiert hunn. En Highlight vun dëser Diskussioun war awer, dass vum Moderator festgestallt gouf, dass de Meisch kee sexy Bléck drop huet.

Erhalenswäert ass dass et ënnert de REELaner ee gouf deen immens vun Akrobatik faszinéiert war an hei seng grouss Chance gesinn huet d'Politiker zu engem Kopplabunz ze motivéieren. Obwuel den Här Meisch stuer bliwwen ass huet d'Martine Hansen ënnert tosendem Applaus vun de REELaner hier beschte Kopplabunz presentéiert.

Am Fong wier elo erëm Zäit fir een Éierewäin, wann net eisen Éieregaascht op sech waarde gelooss hätt, dofir war hei dunn éischter de Moment fir ee Glas Waasser zou sech ze huelen an eiser Liblingsaktivitéit no ze goen.

Et huet awer och net all ze laang gedauert an dunn ass eisen deemolege Premier frësch vun New York ukomm. Aus Angscht mir hätte seng Ried bei der UN net live matverfollegt, huet hie fir sécher ze goen eis léiwer nach e Recap vun dëser ginn. Dono huet de Carlo dunn och den offiziellen Deel ofgeschloss, soudass mir dunn och wierklech bei den Éierewäi konnte goen. Dës Kéier duerfte mir dunn och, esou wéi een et kennt, stoen. Hei a bis nom Iessen huet och jiddereen d'Méiglechkeet genotzt mam Här Bettel e Selfie ze maachen an och de jeeweilege Cercle mat engem Sticker op sengem Kostüm ze veréiwegen.

Et huet een awer bei de REELaner gemierkt wéini de Wäi ganz eidel war, well se sinn ëmmer méi onroueg ginn an du war et och Zäit weiderzezéien. Zur Freed vun de REELaner sinn awer eng Rei vun den Invitée mat am Bus bis weider an de Club gefuer an ënnerwee huet de Sven de Meisch awer nach eng Kéier zu engem klenge Spaass iwwerriede kënnen a getest wéi gutt Parteikolleege sech ënnerenee kennen. Fir dee Spaass waren awer duerno och déi aner Politiker ze hunn an dono hate mir déi hallef Regierung um Telefon.

Am Club ukomm hu vill REELaner realiséiert dass et hire leschten Owend zesummen war, also gouf nach eng leschte Kéier richteg Gas ginn. Vereenzelter hunn awer och um leschten Owend de Moment genotzt hier nei Bekanntschafte vun de leschten Deeg ze verdéiwen.

Scho bal wéi gewinnt ware moies um Kaffi erëm vill midd Gesiichter ze gesinn an et ass ville schwéier gefall de Kapp uewen ze halen. Et huet awer och do net laang gedauert bis déi Bréisseler eraus fonnt hunn, dass een och am Hotel e Béier gezaapt kritt a wéi wa si een Apel giess hätte, ware si dunn nees voller Energie an hunn och moies erëm fir déi richteg Stëmmung gesuergt. Dat war awer och keen immens laange Spaass, well iergendwann si mir dunn alleguerten nach eng leschter Kéier zesumme komm an et gouf sech Äddi gesot. Dat ass awer net gaangen ouni de Mister REEL ze bestëmmen. Dofir wëlle mir hei och dem Felix fir dësen Titel gratuléieren an dass hien dësen Titel a seng Studiestad mathuele konnt. Wou studéiert hien am Fong?

Op alle Fall sinn du vill midd Gesiichter an de Bus geklomm. Ier de Bus awer fuere konnt, missten d'REELaner nach eng leschte Kéier waarden, bis se du schlussendlech fortfuere konnten. No deene 4 ustrengenden Deeg hate sech awer vill REELaner eng gemittlech Faart op Lëtzebuerg gewënscht, mee do hat leider kee mat engem Monsterstau gerechent. Sou oder sou sinn um Schluss 120 midd REELaner zu Lëtzebuerg oder an hirer Studiestad ukomm an hu mat gudden Erënnerungen an neie Bekanntschaften op déi lescht 4 Deeg zeréckgekuckt. Dofir wëlle mir och nach eng Kéier dem REELs Comité Merci soe fir d'Organisatioun vun dëse schéinen Deeg.

# NOTIZEN



Adapto
Aelk
www.aelk.lu

Leck as schwéier!




Hans-Thoma-Platz










QUIZOWEND


ALEM
Bluttspendmarathon 2023









ACEL
de Studentevertrieder